# Naturpakt-Seminar

KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur
obeler fenneng:beetebuerg: hunchereng näerzeng – eis gemeng

## *"Fërderung vum Natur- a Klimaschutz an de Gemengen"*

Mëttwoch, de 17. Mee 2023
vun 8.45 Auer - 16.00 Auer
zu Beetebuerg am Schlass

zesumme mat/mam:

Ebl Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l. · SICONA Naturschutzsyndikat · natur&ëmwelt · NaturparkOUR · oekozenter pafendall · ËMWELTSCHOUL

## Programm:

*weider Detailer stinn op der Récksäit*

| | |
|---|---|
| 8h15 - 8h45 | Accueil mat Kaffi a Croissant |
| 8h45 - 9h45 | "Grénge Web - nohalteg Digitalisatioun" ❙ *EBL* |
| 9h50 - 10h50 | "Weieren, Baachen a Fiichtgebidder" ❙ *SICONA* |
| 10h55 - 11h55 | "Hëllef, mir hunn an der Schoul en Harespelsnascht" ❙ *natur&ëmwelt* |
| | Mëttegpaus |
| 13h00 - 14h00 | "Beliichtung am ëffentleche Raum - naturno an energiespuerend" ❙ *Naturpark Our* |
| 14h00 - 16h00 | "Green Events - Evenementer nohalteg organiséieren" *(mat Workshop)* ❙ *Oekozenter Pafendall* |

Alternativ:

| | |
|---|---|
| 8h45 - 11h45 | Workshop "La fresque de la biodiversité" *(limitéiert Plazen)* ❙ *Emweltschoul* |
| 13h00 - 16h00 | Workshop "La fresque de la biodiversité" *(limitéiert Plazen)* ❙ *Emweltschoul* |

➔ sämtlech Seminäre a Workshopen sinn vum INAP unerkannt a ginn als "Formation continue" gutt geschriwwen ➔

**Umeldung**
bis de 16. Mee

duerch **d'Scanne vum QR-Code** oder **d'Klicke vun dësem Link**

## + INFOS

**ACCÈS**
**Bus RGTR Linne 631, 632, 641 an 650,** Arrêt „Kiercheplaz"
**Vël'OK Kiercheplaz**
**Zuch Gare Beetebuerg** (5 Minutten zu Fouss)
**Infoen op :** mobiliteit.lu ● cfl.lu ● velok.lu

D'Veranstaltung ass en ëmweltfrëndlecht Evenement, wou no den ekologeschen an nohaltege Critère vum „Green Events"-Projet organiséiert gëtt. Eewee-Objete sinn aus deem Grond net erlaabt. Weider Informatiounen op **greenevents.lu**

## Detaillierte Programm:

**8h45 - 9h45** “Grénge Web - nohalteg Digitalisatioun” ▌ *EBL - M. Michel WILWERT*

Den Asaz an d’Notze vun den digitale Kommunikatiounsmedien, wéi zB d’Internetsäit vun der Gemeng oder d’Präsenz op de soziale Plattformen, hannerlossen souwuel beim Erstellen ewéi och beim Gebrauch en verstoppten, mee konsequenten ekologesche Foussofdrock.
Stroum, Waasser a vill aner Ressourcë ginn an enorme Quantitéite fir d’Verschécken an d’Visualiséiere vun den Date gebraucht.
Hei gëtt gewisen, wéi mat konkreten an onkomplizéierte Mesurë eis wäertvoll Ressource geschount an den ekologeschen Impakt reduzéiert ka ginn.
Déi geléiert Mesurë kënnen an der Verwaltung wei och am privaten Gebrauch direkt ugewannt ginn.

**9h50 - 10h50** “Weieren, Baachen a Fiichtgebidder” ▌ *SICONA - M. Fernand KLOPP*

Eis Weieren, Baachen an d’Fiichtgebidder am Allgemengen bidden e wichtegen an eenzegaartegen Liewensraum fir d’Flora a d’Fauna, deen et besonneg gëllt ze schützen.
De Naturschutzsyndikat SICONA ass zanter Joeren an deem Beräich aktiv a wéisst an dësem Seminar vill Emsetzungsbeispiller a geet op d’Wichtegkeet dovunner an.

**10h55 - 11h55** “Hëllef, mir hunn an der Schoul en Harespelsnascht” ▌ *natur&ëmwelt - Mme Lieke MEVIS*

Bei ville Leit léisen se direkt Angscht a Panik aus - d’Harespelen, déi schwarz-giel Plogeeschter, wou just nëmmen do sinn fir eis ze nerven an ze picken... Ass dat wierklech esou?
Muss direkt all Nascht mat Gëft doutgesprutzt ginn, woubäi besonneg de Asaz vun den Insektiziden bei Schoulen a SEA ferm z’hannerfroen ass.
D’Natur&Emwelt raumt an dësem Seminar mat ville Virurteeler op a gëtt wäertvoll Tipps zum Emgang mat den Harespelen an hirem Nascht.
Sou steet zanter 2019 e Netzwierk vu Beroder zu Verfügung, un deen sech och déi betraffe Gemenge wende kënnen.

**13h00 - 14h00** “Beliichtung am ëffentleche Raum - naturno an energiespuerend” ▌ *Naturpark Our - M. Daniel GLIEDNER*

D’Liichtverschmotzung stellt besonneg am Siedlungsraum an am Oppeland eng Gefor fir eis Biodiversitéit duer. An dësem Virtrag steet dowéinst besonneg de “Leitfaden Gutes Licht” am Fokus an et gëtt sech mat den Obligatiounen resp. Ufuerderungen am Stroosseverkéier, der Energietechnik souwéi dem Aspuerpotential am Allgemengen auserneegesat.

**14h00 - 16h00** “Green Events - Evenementer nohalteg organiséieren” *(mat Workshop)* ▌ *Oekozenter Pafendall Mme Véronique LINDEN, Mme Isabelle SCHUMMERS an d’Mme Romaine STRACKS (SDK)*

Emmer méi Gemengen organiséieren hir Evenementer no den ekologesche Critère vum “Green Events-Projet”.
Wat stécht genee derhannert? Wéini an ënnert wéi enge Conditioune kann een de Logo ufroen?
No enger Präsentatioun vum Projet “Green Events” an der Checklëscht gëtt sech an engem Workshop besonneg mat den Themen “Iessen a Gedrénks” an “Offall resp. dem Eewee-Verbuet” beschäftegt.

**Alternativ:** Workshop “La fresque de la biodiversité” ▌ *Emweltschoul - M. Tom HAAS*

“D’Biodiversitéit gëtt oft vergiess wann et em Nohaltegkeet a Klima geet. An awer ass d'Aartevillfalt méi wéi nëmmen d'Zesummespill tëschent Déieren a Planzen. D'Biodiversitéit ass ons Liewensversécherung. Dës Biodiversitéits Fresk deckt d'Zesummenhäng an awer och d'Gefore vun der Biodiversitéitskriis op.”
Dësen interaktive Workshop gëtt souwuel moies, ewéi och mëttes ugebueden - hei sinn d’Plaze limitéiert.